



Dépassé par la réalité du secteur communal !

D'Reform vum Gemengegesetz ass elo zanter gutt 3 Joer e Sujet d'actualité. D'ALBSC begréisst datt d'Inneministesch dëse längst iwverfällige Schrëtt an Ugrëff geholl huet.

Dëser Deeg konnt een an enger Pressematdeelung elo d'Positioun vun enger Gewerkschaft liesen, déi fir sech den Usproch erhiewt, d'Gewerkschaft vum Gemengepersonal ze sinn? Bei der Lecture gëtt engem awer séier bewosst, datt d'Ignoranz, déi des Gewerkschaft zanter Jore vis à vis vum Personal vun den technesche Servicer un den Dag leet, alt nees eng Kéier par excellence confirméiert gëtt.

Mat kengem Wuert gëtt weder den techneschen Déngscht, säi Personal nach déi Responsabel Ingenieuren am Zesammenhang mat der Reform ernimmt, wuelverstanen e Service, deen am Joer 2022 definitiv op all Gemeng am Land dee gréissten Deel vun der Gemengeverwaltung duerstellt.

Och wann d'Gemengegesetz bis dato just e Sekretariat an eng Recette kannt huet, dann ass d'Realitéit um Terrain scho ganz laang eng Aner! Den 3. Pilier, wéi e scho vum fréieren Inneminister genannt gouf, an dee spéitstens zanter der Reform vun 2017 och iwverall an d'Organigramme misst agefloss sinn, ass omnipresent a vun enger moderner Gemeng net méi ewech ze denken.

Wonneren deet eis des Ignoranz elo net wierklech, a si confirméiert eis op e Neits, datt mir 2014 mat der Grënnung vun der ALBSC déi eenzeg richtig Decision getraff hunn, nämlech fir eis Interesse selwer ze verrieden!





Am Zesammenhang mat der aktueller Reform hu mir dem Ministère eisen Avis zum avant-projet de loi an eis Positioun zur geplangter Reform den 18. Januar zoukomme gelooss.

Et sief virewech geholl, datt d'Associatioun vun de Gemengen Ingenieuren sech vun Ufank fir eng Struktur agesat huet, déi aus engem Directeur technique an engem Directeur administratif besteet. Datt dës Persoune musse mat de néidegen Délégations de Signature ausgestatt ginn, fir kennen am legale Kader ze handelen, versteet sech vum selwen. Mir wäerten den 31. Mäerz an eiser Generalversammlung am Detail op dëse Sujet agoen.

Virun allem awer setze mir eis am Géigesaz zu Aneren och dofir an, datt dës Reform net erëm eng vun de verpasste Chance gëtt, an datt de Gesetzgeber endlech de legale Kader un d'Realitäten upasst, wéi se zanter Joerzénkten am Gemengesecteur bestinn.

Fir eis als ALBSC ass et conditio sine qua non, datt dofir als éischt emol de Service Technique mat all senge Missiounen an dat ofgeännert Gesetz integréiert gëtt, an dëst net just andeems mir wéi zanter 2004 op den Urbanismus reduzéiert ginn. Nodeems mir schonn 2017 eng proposition de texte hefir un d'Chamber geschéckt haten, hu mir dëst nach eng Kéier an eisen Avis integréiert, an och an de rezenten Entrevuë mam Ministère, dem Syvicol an alle Parteien nach eemol mat Nodrock op dëse flagrante Mëssel higewisen. Mir sinn zouversichtlech, datt déi politesch Responsabel deem elo wäerte Rechnung droen.

Fir ze verstoen, datt mir d'Zeeche vun der Zäit scho laang erkannt hunn an datt eis Memberen hir Interesse bei eis a gudden Hänn wëssen, brauch een sech am Fong just eis steigend Memberszuele vun de leschten 8 Joer unzekucken.

De Conseil d'Administration vun der ALBSC den 3. Mäerz 2022

